Gemeng
BIWER

# Kommunikatiouns- a Kooperationskonzept
# Gemeng Biwer

**Deliberatioun vum Schäfferot: 08.04.2026**

## 1. Zilsetzung

Dëst Kommunikatiounskonzept huet d'Zil, d'Biergerinnen, d'Bierger an de lokalen Entreprise vun der Gemeng Biwer ausféierlech iwwert d'Ëmsetzung vun de verschiddene Mesure vum Klimapakt ze informéieren an dës och aktiv an de Fortschrëtt dovunner ze involvéieren.

## 2. Zilgruppen

- D'Biergerinnen an d'Bierger aus der Gemeng
- Gemengepersonal: Fokus op eng Sensibiliséierung vum Personal, fir dëst um Courant iwwert d'Klimapakt-Mesuren ze halen.
- Lokal Entreprisen an Handwierksbetriber: Zilgrupp fir spezifesch Mesurë wéi zum Beispill energieeffizient Bauen, nohalteg Mobilitéit, Produkt spezifesch Mesuren; vum erneierbaren Energien, Stroumdeelen (Klima-Pakt fir Entreprisen).
- Formal an net-formal Educatioun: D'Ëmweltbewosstsi vun de Kanner gëtt mat spezifeschen, reegelméissegen Aktivitéite promouvéiert.
- Regional an national Partner: Kooperatioun mat relevanten Acteure vum Klimapakt Lëtzebuerg, fir intelligent Synergien opzebauen.
- Veräiner: Sensibiliséierung in Informatioun fir eng nohalteg Organisatioun vum Evenementer. (Ënweltcharta fir Veräiner, ëmgesat 2022).

## 3. Kommunikatiounskanäl

D'Biwer Gemeng benotzt déi follgend Kommunikatiounskanäl:

- De biwer Buet
- Internetsite
- Sozial Medien (Facebook: Gemeng Biwer mat 1467 Follower an Instagram: @gemeng_biwer at 234 Follower)
- Sms2citizen
- E klassesche Raider an all Duerf vun der Gemeng an online um Internetsite
- Verdeelung vu reegelméissege Publikatiounen (Zum Beispill den Ëmweltkalenner oder de Flyer iwwert de Verkaf vu Brennholz) oder Flyeren an all Haushalt
- Evenementer

- Aktivitéite fir d'Kanner an der Grondschoul, organiséiert duerch d'Schoulpersonal, d'Elterevereenegung an Zesummenaarbecht mat externe Prestatairen.

**De biwer Buet** kënnt zweemol am Joer regulär raus, zousätzlech dozou gëtt eng Editioun zu Ufank vum Schouljoer an an der Reegel gëtt et eng Spezialeditioun zu engem spezifeschen Thema.

An all Editioun vum biwer Buet ass de Logo vum Klimapakt ofgebillt. No der Introductioun vum enger Charte graphique fir d'Gemeng Biwer am Joer 2025 ass dësen an den Design vum Bréifpabeier an den Design vun de Gefierer agebonne ginn.

Beispiller vun der spezifescher Editioun:
2024: Spezialeditioun Offall-Ident-System
2025: Spezialeditioun Règlement général de la police
2026 (en cours): Spezialeditioun iwwert déi nei Waasserpräisser

De biwer Buet ass, zesumme mat dem Internetsite an de soziale Medien d'Haaptinformatiounsquell vun de Biergerinnen a Bierger.

All regulär Editioun ass a follgend Kategorien opgedeelt:
„de Raider" – Sëtzunge vum Gemengerot, Avis au public, generell Informatioune fir de Public; dozou zielt ënner anerem eng aktuell Publikatioun vum Gemengesyndikat SIAS an en Artikel vun der Klima-Agence.
„Magasinn" – e Réckbléck op d'Evenementer an der Gemeng säit der leschter Editioun vum biwer Buet, e Segment iwwert d'Geschicht vun der Gemeng
„Kaffispaus" – e Rezept, eng Säit fir d'Kanner, Etat Civil (Gebuerten, Hochzäiten a Gëllen Hochzäiten/ronn Gebuertsdeeg an der Gemeng), Kalenner vun den nächste Méint (Poubellen a Evenementer)
„Frigo" – Reklamm fir d'Veräiner an Evenementer

**Budget: 3 x 15.000 €, Spezial-Editioun: 5.000 – 15.000 € (ofhängeg vum Thema)**

Um **Internetsite** vun der Gemeng gi vill d'Aktualitéiten online gesat. D'Gemeng kritt vill Informatioune vum externe Partner wéi eise Syndikater (besonnesch relevant am Bléck op de Klimapakt: SIAS, SIGRE, SIDEST), der Ëmweltberodung, der ANF, der Superdreckskëscht, etc.., déi op den Internetsite komme fir dass eis Biergerinnen a Bierger dës kënne consultéieren.

Informatioune vum dëser Partner ginn och oft op de **soziale Medie** vun der Biwer Gemeng gedeelt. Alles, wat schnell an einfach kommunizéiert soll ginn, gëtt op de um Facebook an op Instagram gepost.

Gemeng
**BIWER**

An der **Rubrik „Environnement"** ass eng Säit mam Numm „KlimaPakt" fir d'Aktivitéite vum Klimateam reservéiert. Do gëtt nieft dem Compte rendu vun de Sëtzunge vum Klimateam och Informatiounsmaterial hir Evenementer online gesat an en eventuelle Suivi gemaach.

Dëst zum Beispill am Kader vum Stroum Deelen, wou een sech och no der Informatiounsreunioun nach melle ka fir dass e Kontakt mat anere Persounen aus der Ëmgéigend kann hiergestallt ginn.

D'Klimateam, dat aus Member vum Schäfferot a 10 anere Persounen, huet reegelméisseg Aktivitéite wéi de Repair Café, organiséiert awer och all Joer néi a gezielten Evenementer fir de Klimapakt ze promouvéieren..

4. Zoustännegkeet

De Service technique ass zoustänneg fir dëst Kommunikatiouns- a Kooperatiounskonzept ëmzesetzen.

**Vu et approuvé en séance du collège échevinal**

**Biwer, le** - 8 AVR. 2026

ADMINISTRATION COMMUNALE BIWER

Steinmetz Sylvie

6, Kiirchestrooss
L-6834 Biwer
T: [+352] 71 00 08 1
E: technique@biwer.lu
biwer.lu

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima